N°2872
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, a vum Här Premierminister, Luc Frieden, op d'parlamentaresch Fro n° 2872 vum 16. September 2025 vun den honorabelen Deputéierten Alexandra Schoos a Fred Keup iwwert déi sougenannt politesch Beamten**

***1. Op Basis vu wéi enger Prozedur ginn dës politesch Beamten nominéiert an agestallt?***

Mir ginn dovun aus, dass déi honorabel Deputéiert mam Terme "politesch Beamten" d'Conseillers adjoints au Gouvernement mengen. Dës Beamte gi vum Grand-Duc genannt, op Propositioun vum Regierungsrot.

***2. Mussen déi sougenannt politesch Beamten iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit verfügen? Falls net, firwat net?***

Jo, well déi Fonctioune si viséiert an deem groussherzogleche Reglement vum 12. Mee 2010 déterminant les emplois dans les administrations de l'État et les établissements publics comportant une participation directe ou indirecte à l'exercice de la puissance publique et aux fonctions qui ont pour objet la sauvegarde des intérêts généraux de l'État ou des autres personnes morales de droit public.

***3. Mussen déi sougenannt politesch Beamten eis dräi administrativ Sprooche mëndlech a schrëftlech beherrschen? Falls jo, op wéi engem Niveau? Falls net, firwat net?***

Déi betraffe Beamte falen och ënnert déi Reegele vun de Sproochekenntnisser.

Fir d'A1-Karriär si follgend Niveaue vum "Cadre européen commun de référence pour les langues" verlaangt:

- C1 fir déi éischt Sprooch,
- B2 fir déi zweet Sprooch,
- B1 fir déi drëtt Sprooch.

Wann de Kandidat op d'mannst 7 Joer am lëtzebuergesche Schoulsystem absolvéiert huet, dann ass en dispenséiert d'Sproochentester ze maachen. Wann en en Diplom aus engem däitsch- oder franséischsproochege Land oder Regioun huet, dann ass e vum Test an där jeeweileger Sprooch dispenséiert.

Donieft, fir héich spezialiséiert Kandidate kënnen ze rekrutéieren, huet de Regierungsrot d'Méiglechkeet eng Dispens a bis zu zwou Sproochen ze ginn.

Wa Persounen, déi scho Staatsbeamten oder -Employé sinn, op esou eng Fonctioun genannt ginn, ginn déi Conditioune vun de Sproochen net nach eng Kéier gepréift.

Lëtzebuerg, de 16. Oktober 2025

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu